PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/10/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Energie weiderzeleeden.**

Am Moment schaffe verschidde Firmen un der Produktioun vu reng elektresch bedriwwene Camionen. Éischt Modeller, déi bis zu 650km Reechwäit sollen hunn, si schonn um Marché. Fir dës Camione brauch de Betrib, deen esou Camione besetzt, speziell Luetstatiounen, déi ee gutt Stéck méi performant sinn, wéi d'Elektrobornë fir d'Autoen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Plangt d'Regierung, fir d'Primme fir d'Elektroautoen an Camionetten och op E-Camionen auszewäiten?
   Wa jo, wéi eng Primme wäerte fir dës Camione virgesi sinn?
   Wann nee, firwat net?

2. Plangt d'Regierung fir d'Primmen op d'Elektrobornë fir Autoen och op méi performant "Megabornen/Megacharger" déi bis zu 1 MWh Leeschtung bréngen auszewäiten?
   Wa jo, wéi eng Primme wiere virgesinn?
   Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député